**N° 4215**
Reçue le 04.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.05.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der

Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister an un den Här Sozialminister weiderzeleeden.

Aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3796 geet ervir, datt vun deene jonke Leit ënner 30 Joer ronn 15 Prozent säit méi wéi engem Joer op der Sich no enger neier Aarbecht sinn. Bei deene Leit iwwer 30 Joer läit dësen Taux souguer bei iwwer 40 Prozent. Des Weidere geet doraus ervir, datt vun deene jonke Leit ouni Aarbecht (< 30 Joer) knapp iwwert e Véirel, nämlech 26 Prozent een Universitéitsdiplom hunn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung nach gär des Froe stellen:

1) Wéi deelen sech d'Diplomer vun deene betraffene jonke Leit zwëschent 25 an 29 Joer no BTS, Bachelor a Master op?
2) Wéi deelen sech d'Diplomer um akademeschen Niveau no Bachelor of Arts an Bachelor of Science op? Wéi presentéiert sech des Opdeelung fir de Master?
3) Wéivill vun deene jonken Universitairen ouni Aarbecht verfügen nach iwwert eng aner Beruffsqualifikatioun, wéi zum Beispill eng Léier?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N° 4215
Reçue le 20.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**
**Service Central de Législation**
**5, rue Plaetis**
**L - 2338 Luxembourg**

Luxembourg, le 19 mai 2021

| | |
|---|---|
| Agent en charge | M. Armin Skrozic |
| Tel : | 247 86122 |
| Courriel : | armin.skrozic@mt.etat.lu |
| Référence interne | MT/SA/QP/QP N°4215 |

**Concerne : Question parlementaire N°4215 de l'honorable Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**Dan KERSCH**
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**

26, rue Sainte-Zithe
L-2763 Luxembourg
Tel : (+352)247-86122
Fax : (+352) 49 38 76
info@mte.public.lu
www.mte.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Dan Kersch op d'parlamentaresch Fro n°4215 vum honorablen Deputéierten Fred Keup**

**Ad. 1**

Um 31. Januar 2021 waren 2.194 Leit am Alter vun 25 bis 29 Joer bei der ADEM ageschriwen an op der Sich no enger Aarbecht. Dovunner haten der 580 een Ofschloss vun enger Héichschoul oder enger Uni.

Vun den insgesamt 580 Leit ëm déi et hei geet, haten der 70 een Ofschloss um Niveau vum BTS, 217 een Ofschloss um Niveau vum Bachelor an 293 een Ofschloss um Niveau vum Master oder méi héich.

**Ad. 2**

Leider ass et net méiglech d'Opdeelung "Arts/Science" esou ze liwweren ewéi den honorablen Deputéierten dat freet. Den Tableau ënnen weist wéi sech déi 217 Bacheloren an 218 Masteren den groussen Domainen no opdeelen:

| | Bachelor | Master |
|---|---|---|
| Architecture | 7 | 7 |
| Beaux-arts | 16 | 11 |
| Droit | 13 | 26 |
| Lettres | 21 | 36 |
| Sciences économiques | 77 | 99 |
| Sciences sociales et éducatives | 24 | 23 |
| Sciences appliquées | 33 | 40 |
| Sciences médicales | 7 | 19 |
| Sciences pures | 7 | 23 |
| Autres ou domaine pas spécifié | 12 | 9 |

**Ad. 3**

Vun deenen 580 Leit, hun der 32 nieft hirem Ofschloss vun der Uni oder der Héichschoul nach den Equivalent vun engem "Diplôme d'Aptitude Profesionnelle" (DAP) oder vun engem "Diplôme de Technicien".